

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Den Adapto-System gouf virun enger gewësser Zäit reforméiert. Et kann dofir interessant sinn, fir en éischten Iwwerbléck iwwert d'Applicatioun vun deene neie Reegelen ze kréien.

Dowéinst wéilt ech dem Här Transportminister dës Froe stellen:

- 1) Den Adapto ass op 360 Faarten am Joer limitéiert. Ginn d'Hin- an d'Réckfaart op eng bestëmmte Plaz als eenzel oder zwou separat Faarte gerechent? Gëllt déi selwecht Regel bei enger Faart op d'Aarbechtsplaz an zeréck?
- 2) Kéint den Här Minister sech virstellen, d'Verrechnung vu professionnelle Faarte mam Adapto vun deene privaten ze trennen?
- 3) Leit déi op den Adapto ugewise sinn, si vun Natur aus gesondheetlech oft méi vulnerabel, wéi anerer. Wéi gouf der COVID-Krise bei der Zoudeeling vu Faarte mam Adapto zënter dem 1. Mäerz 2020 Rechnung gedroen? Gi Faarten an en Impfzentrum an de Contingent vun deenen 360 Faarte mat agerechent oder net?
- 4) An der Äntwert op eng parlamentaresch Fro vun der ADR (Nummer 1890 vum 17. Februar 2020) hat den Här Transportminister geäntwert, datt de Ministère 284 vun deenen 1356 Demanden, déi zu deem Zäitpunkt fir en neien Abonnement vum Adapto gestallt goufen, refuséiert hätt. Wéi vill Demande goufe säit dem 1. Mäerz 2020 refuséiert? Wéi goufen des Refusen generell begrënnt? Wéivill berechtigt Bénéficiaire vum Adapto-System goufen et virun der Reform a wéivill gëtt et der nach zum aktuellen Zäitpunkt?
- 5) An der Äntwert op meng dréngend parlamentaresch Fro Nummer 1960 vum 2. Mäerz 2020, hutt Dir zu der Méiglechkeet vun enger Opstockung vum Personal vun der Mobilitéitszentral en vue vun der Gestiou vum Adapto geäntwert, datt dës Besoin iwwer e längeren Zäitraum misst analyséiert ginn. Zu wéi enger Conclusioun kommt Dir lo, e Joer méi spéit?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten